@ Das Problem des Fehlens eines Schulschwimmkurses in den meisten Gemeinden des Kanton Echternach steht auch auf der Tagesordnung der Sitzung der Schöfferräte vom 25. Oktober. Man wird sich bei der Gemeinde Consdorf über die Gewährung einer finanziellen Beteiligung an Privatstunden erkundigen, doch ist dies sicherlich keine Lösung des Problems, da davon aufgrund der fehlenden Plätze für Schwimmstunden in bestehenden Schwimmbädern des Landes nur eine bestimmte Anzahl von Bürgern von so einem Angebot profitieren könnten;

• auf Basis der Informationsveranstaltung der letzten Woche zum Thema der Vorstellung eines Konzepts zum Management von Risiken im Zusammenhang mit Sturzfluten, erkundigt er sich nach der Weiterverfolgung der vorgestellten Maßnahmen, die in den Handlungsbereich der Gemeinde fallen;

@ Ein erstes Projekt für die Absicherung der Quellenfassungen in „Meelerbuur“ ist bereits in Vorbereitung. Auch Maßnahmen für die Straße „Maartbesch“ vor dem Friedhof sind in Vorbereitung. Weitere Maßnahmen können in den Haushalt 2025 aufgenommen werden.

• fragt, ob es Pläne gibt, die Zugänglichkeit des Amphitheaters „Breechkaul“ für ältere Menschen oder Menschen mit eingeschränkter Mobilität zu verbessern, beispielsweise durch die Installation eines Geländers entlang des Zugangsweges.

@ dieser Vorschlag wird mit dem technischen Dienst und dem Forstdienst geprüft. Maßnahmen zur Sanierung des Weges sind bereits geplant. Für den Vorschlag, ein Geländer zu installieren, muss geprüft werden, ob genügend Platz vorhanden ist, da Lieferwagen oder Autos durchfahren müssen, um Ausrüstung zur „Breechkaul“ zu transportieren.

Rat Raoul Scholtes

• stellt mit Zufriedenheit fest, dass die Frage der Subventionen für die rationelle Energienutzung auf die Tagesordnung des Ausschusses des Natur- und Geoparks „Mëlldall“ gesetzt wurde;

@ Der Bürgermeister erklärt, dass in dieser Sitzung lediglich darüber gesprochen wird, wie bei der Anpassung dieser Subventionen vorgegangen werden soll. Letztes Mal erarbeitete eine Arbeitsgruppe, bestehend aus Mitgliedern des Natur- und Geoparks, Mitarbeitern des Natur- und Geoparks und Beamten der technischen Dienste der Gemeinden, einen Reglements-vorschlag,

der allen Mitgliedsgemeinden zur Stellungnahme vorgelegt wurde.

Rat Guy Adehm

•ist der Meinung, dass es notwendig wäre, demnächst über die Zukunft des Standorts „A Schmëtten“ neben der Gemeinde zu diskutieren. Auch die regelmäßige Reinigung der Wiese hinter dem Gebäude müsste eingeplant werden.

@ Derzeit wird das Gebäude noch von der Forstverwaltung zur Materiallagerung genutzt. Daher muss zunächst mit dem Projekt eines neuen Ateliers begonnen werden, bevor ein Projekt auf diesem Gelände besprochen werden kann. Der Standort des Hauses stellt auch eine Reserve für eine mögliche Erweiterung des Rathauses dar. Andererseits lässt die finanzielle Situation der Gemeinde es aktuell nicht zu, sich an anderen Projekten mit hohem finanziellem Umfang zu beteiligen. Nach Angaben des Schöffenrates besteht hier keine Dringlichkeit, ein Projekt zu entwickeln.

Andererseits sollte eine vor einigen Jahren gegründete Arbeitsgruppe Ideen für die Gebäude und Grundstücke der Gemeinde entwickeln, die für neue Projekte zur Verfügung stehen. Rat Adehm war der Präsident dieser Arbeitsgruppe und er könnte diese wiederbeleben, um möglicherweise Vorschläge in diese Richtung zu machen.

Ende der Sitzung gegen 17:46 Uhr



version française

Mairie

Séance publique**1. Approbation d'une indemnité spéciale pour un fonctionnaire du service technique pour le remplacement d'une longue période du chef de service**

Le conseil communal a approuvé à l'unanimité une rémunération supplémentaire de 25 points pour un responsable du service technique, car il doit assumer le travail et les responsabilités de chef du service technique pendant une période plus longue (du 1er octobre 2024 au 31 octobre 2025).

2. Présentation et approbation du plan de gestion forestier 2025.

Le préposé forestier Frank Adam explique les travaux réalisés par le service forestier de la commune en 2023/2024. Il aborde notamment divers projets, comme la vente de trois arbres de grande qualité à ST Avoild(F), les travaux forestiers pour éliminer les arbres infestés de scolytes à Kalkesbach, le remplacement de plusieurs bancs en bois comme p.ex. sur la place de grillade «Kasselt», installation d'une toilette biologique au même endroit et achat d'une nouvelle scie circulaire pour traiter le bois pour la revente aux ménages privés de la commune.

Après la présentation des travaux prévus pour l'année prochaine, le plan de gestion forestier 2025 est entériné unanimement par les conseillers.

PGF 2024..... Dépenses.....Recettes

Gestion durable de la forêt	133.970 €.....	124.520 €
Protection de la Nature	45.500 €.....	2.500 €
Ressources cynégétiques	0 €.....	7.926,04 €
Sensibilisation.....	58.000 €.....	0 €
Logistique et personnel.....	59.000 €.....	0 €
Bilan	296.470 €.....	121.446,04 €

Synthèse des volumes en m3

Essence	Grume	Trituration	Total
Hêtres.....	60	400.....	460
Chêne	30	70.....	100
Autres feuil.	0	230.....	230
Autres resin.....	400	0.....	400
Douglas	100	0.....	100
Epicéas.....	100	50.....	150
Total	690	750.....	1440

Point 3 à 5 : Approbation unanime de décomptes définitifs

3. Au cours de l'année 2023 un nouveau parking a été installé dans la rue « Gruusswiss » à Bollendorf-Pont. Un devis estimatif a été approuvé par le conseil communal dans sa séance du 11 juillet 2022 au montant de 34.000 €. Le coût définitif de ces travaux se chiffre à 31.614,86 €.

4. Au cours des années 2022 et 2023 l'ancienne grange dans la rue « Gruusswiss » à Bollendorf-Pont, a été démolie. Un devis estimatif a été approuvé par le conseil communal dans sa séance du 11 juillet 2022 au montant de 38.000 €. Le coût définitif de ces travaux se chiffre à 31.165,86 €.

5. Au cours des années 2023 et 2024 le raccordement électrique de la station de pompage « Vugelsmillen » au réseau électrique de Berdorf a été renouvelé. Un devis estimatif a été approuvé par le conseil communal dans sa séance du 24 mai 2023 au montant de 315.900 €. Le coût définitif de ces travaux se chiffre à 188.342,55 €. La commune de Beaufort participera avec 50% aux coût du projet.

6. Approbation de l'acte de vente avec Schmitt Mike et Schmitt Simone de Bollendorf-Pont concernant l'acquisition de dix parcelles de pré, bois ou haies à Bollendorf-Pont

Dans sa séance du 24 juillet 2024 le conseil communal avait approuvé un compromis de vente pour l'acquisition de dix parcelles de pré, bois ou haies inscrites au cadastre de la commune de Berdorf, section A «Bollendorf-Pont», aux lieux-dits «Auf dem Knapp», «Hinter dem Wert» et «In Wilzent» appartenant à Madame Simone Schmitt et Monsieur Mike Schmitt de Bollendorf-Pont. Les terrains d'une valeur totale de 9.842,00 €, ont une surface totale de 43,05 ares. L'acte notarié y relatif est également approuvé unanimement par les conseillers.

7. Approbation de concessions pour des tombes ou emplacements sur les cimetières de la commune

Les conseillers approuvent unanimement plusieurs concessions pour des emplacements sur le cimetière forestier «Laangebësch».

- Une concession pour trois emplacements pour une durée de 30 ans pour Madame Ternet Liliane de Rippig à l'occasion du décès de son conjoint Rolando Eugio Robert;
- Une concession pour un emplacement pour une durée de 30 ans pour Monsieur Stephany Luca de Haller à l'occasion du décès de son père Stephany Serge de Beaufort;
- Une concession pour deux emplacements pour une durée de 15 ans pour Madame Baldwin Janice de Heffingen à l'occasion du décès de son conjoint Baldwin Rodney;

8. Approbation d'un tableau des modifications budgétaires de l'exercice 2024

C'est à l'unanimité des voix que des modifications relatives à des articles du budget ordinaire de l'année 2024 sont adoptées :

Recettes en plus ou dépenses en moins:	35.176,04 €
Dépenses en plus ou recettes en moins:	51.989,13 €
<hr/>	
Mali supplémentaire:	12.898,13 €

9. Nouvelle répartition du supplément de congé politique entre les conseillers communaux

Sur base d'une adaptation de la législation sur le congé politique d'août 2024, les communes peuvent mettre à la disposition des conseillers nommés comme délégués dans des syndicats intercommunaux ou autres organismes jusqu'à 15 heures de congé politique supplémentaires, donc 6 heures supplémentaires. Le collège des bourgmestre et échevins propose de seulement utiliser 11 de ces heures.

A l'unanimité des voix le bourgmestre Joe Nilles se voit accorder 6 heures de congé politique supplémentaires et l'échevin Marc Wintersdorf 4 heures et le conseiller Ben Streff 1 heure

10. Approbation de la convention 2024 avec l'Office social commun de Beaufort et l'Etat luxembourgeois

La convention 2024 avec l'Office social régional de Beaufort et le ministère de la Famille est adoptée unanimement. Le coût total pour les communes de Bech, Beaufort, Berdorf, Consdorf et Reisdorf s'élèvera à 475.952,83 € desquels le ministère de la Famille prendra 50% à sa charge. La charge de la commune de Berdorf s'élèvera à 104.477,15 €.

11. Approbation de la convention 2024 relative au Club Senior «An der Loupescht»

Le convention 2024 avec l'association «Doheem versuergt» et le ministère de la Famille pour régler l'organisation du Club Senior /Club Aktiv Plus «An der Loupescht» des communes de Beaufort, Bech, Berdorf, Betzdorf, Consdorf, Junglinster et Waldbillig est également adopté unanimement. La participation annuelle de la commune de Berdorf aux activités du Club Senior s'élèvera suivant les estimations budgétaires à 12.666,89 €.

12. Accord d'adhérer au «Gemengepakt vum interkulturellen Zesummeliewen» pour le cas où l'approche régionale serait retenue

Dans le cadre de la loi du 23 août 2023 relative au vivre-ensemble interculturel, toutes les communes obtiennent la possibilité d'adhérer au pacte communal «Gemengepakt vum

interkulturellen Zesummeliewen», soit comme commune seule, soit par un groupe de plusieurs communes.

Les communes du Parc naturel et géologique «Mëllerdall» se sont concerté dans ce sens conscient du rôle important qui revient aux communes pour assurer la cohésion sociale et gérer la diversité socio-culturelle et aussi de la transversalité du vivre-ensemble et déterminé à mettre en œuvre une politique du vivre-ensemble interculturel coordonnée, structurée et durable au niveau de la région du «Mëllerdall». Par conséquent le comité du Parc Naturel et géologique propose à ses communes une approche régionale pour la mise en œuvre de ce pacte et demande l'avis des conseils communaux concernés.

Les conseillers de notre commune se rallient unanimement au concept de l'approche régional et donnent leur accord pour une demande d'adhésion dans ce sens.

13. Approbation d'une modification du règlement-taxe des tarifs relatifs à l'enlèvement des ordures

Sur base de la loi modifiée du 21 mars 2012 relative à la gestion des déchets, les communes sont tenues de respecter les principes du pollueur-payant et de la rentabilité dans le domaine de la gestion des déchets de ses citoyens. Depuis plusieurs années ces principes ne sont plus respectés vu les tarifs trop bas demandés pour l'enlèvement des ordures. En 2023 les dépenses dépassaient les recettes de 266 %.

Par conséquent deux changements ont été développés pour s'adapter aux dispositions légales en vigueur:

- dans sa réunion du 29 février 2024 les conseillers ont donné leur accord de principe pour le changement vers un nouveau système de facturation du type «Chip» pour la collecte des déchets ménagers;
- dans sa réunion du 29 mai 2024 ils ont donné leur accord pour le principe de calcul des taxes communales concernant la gestion des déchets

Dans la suite les avis des instances gouvernementales concernées ont été sollicités. Sur base de ces avis, le nouveau règlement-taxe des tarifs relatifs à l'enlèvement des ordures a été finalisé pour être soumis pour approbation au conseil communal dans la présente réunion.

Sachant que les conseillers ont pu activement participer à l'élaboration du règlement-taxe, ce dernier est approuvé unanimement par les conseillers présents.

(voir texte sur le règlement des taxes page 80)

14.a. Informations aux conseillers:

- En se rapportant aux discussions du point 13 de l'ordre du jour, le bourgmestre informe les conseillers qu'il est prévu d'organiser en coordination avec le SIGRE une séance d'information publique pour informer les citoyens des modifications dans le cadre du service d'enlèvement des ordures et les nouvelles taxes y relatives. Deux dates ont été proposées, celles du 13 ou 20 novembre 2024;

- Il invite les conseillers d'assister au pot d'accueil pour nouveaux résidents du samedi 28 septembre 2024 à partir de 14:30 heures, organisé par la commission du vivre ensemble interculturel;

- Le 25 octobre 2024, les collègues échevinaux des communes de la région du Parc Naturel géologique et naturel «Mëllerdall» se réunissent au Centre Culturel «A Schmadds» pour discuter des sujets communaux d'intérêt régional. L'initiative pour cette réunion a été prise par le collègue échevinal de notre commune.

- Le dimanche 13 octobre 2024 aura lieu la journée de commémoration nationale avec une messe solennelle à 10:45 heures et le dépôt d'une gerbe devant le monument dédié aux victimes de la 2e guerre mondiale près de l'église à Berdorf, ceci suivant le modus des années dernières. Mais il est prévu de mettre ce point sur l'ordre du jour de la réunion des collègues échevinaux du 25 octobre, afin de discuter éventuellement une solution régionale pour cette journée commémorative, vu le nombre de participants en déclin des dernières années;

- Concernant le projet de l'arrêt de bus à Kalkesbach, l'autorisation du ministère de l'Environnement fait encore défaut. Celle de l'Administration des Ponts & Chaussées nous est parvenues il y a deux semaines;

- Pour le projet de la nouvelle plateforme pour le point de vue «Ruetsbech», le bureau de contrôle de la sécurité refuse son accord pour la construction de la clôture en verre sans test de sécurité préalable. Ce test sera organisé dans les semaines à venir et entraînera malheureusement des coûts supplémentaires pour le projet. Une finalisation du projet est envisagée pour avril 2025;
 - Concernant le nouveau système d'accès aux informations mises à la disposition des conseillers installée sur SIGIDRIVE, huit des neuf conseillers ont demandé et obtenu leur accès. C'est le rappel au dernier conseiller de demander également son accès parce qu'on n'enverra plus pour les prochaines réunions un hyperlien pour accéder aux informations sachant que cette méthode n'est pas conforme aux normes de sécurité.
 - Le bourgmestre rappelle la date de la réunion de travail du conseil communal du lundi 7 octobre 2024 à 18 heures. Une réunion pour discuter le budget 2025 sera programmée soit pour le 13 ou le 20 novembre dépendant de la date de la réunion d'information publique sur la gestion des déchets.
- Sur demande du bourgmestre, qui doit partir à l'étranger le 18 décembre, la séance prévue pour cette date (vote du budget) sera avancée au vendredi 13 décembre 2024 16 heures. Une réunion de travail pour présenter l'état actuel des travaux sur le PAG est programmée pour janvier 2025;

14b. Questions des conseillers au collège des bourgmestre et échevins

La conseillère Anne Muller

- a dû constater que la place de rencontre avec chalet du cimetière forestier a été régulièrement utilisée comme place de grillade ou aire de jeux pendant les mois d'été;
- ® il est vrai qu'un cimetière forestier n'a pas le même caractère qu'un cimetière traditionnel. On peut s'y promener ou bien rester pour faire du pique-nique p.ex. Mais la dignité des lieux doit être respectée et il faut réagir en cas d'une utilisation non adaptée des lieux.

Le conseiller Ben Streff

- félicite la commune pour le marquage des places de stationnement dans les rues «Am Pesch», «Jos Keup» et «An der Sank». Le stationnement des voitures se présente plus discipliné et plus structuré.
 - demande s'il est prévu d'organiser cette année une manifestation en mémoire de la 2e guerre mondiale.
- @ à part que la commission culturelle prévoit encore une telle manifestation, il n'y a actuellement rien prévu pour l'année en cours. Mais le collège échevinal soutiendra toute activité dans ce sens.
- explique qu'il existe un problème pour le transport des étudiants vers le lycée à Grevenmacher, qui doivent utiliser les lignes officielles avec des temps d'attentes parfois assez long lors du changement du bus p.ex. à Junglinster. Il n'existe pas de transport scolaire direct vers cet établissement scolaire. Il demande s'il est prévu d'intervenir dans ce sujet ?
- ® Vu qu'il s'agit évidemment d'un problème régional, on pourrait discuter ce sujet dans la réunion des collèges échevinaux du 25 octobre. Mais il faut savoir que le lycée de Grevenmacher n'est pas le lycée de proximité pour les étudiants de notre commune et qu'il est peu probable que le ministère mettra en place un transport scolaire pour accéder à tous les lycées qui offrent le même programme que le lycée d'Echternach.
- sachant que la commune de Consdorf offre une participation financière pour les frais de cours de natation privés vu l'absence d'une piscine dans notre région pour un cours de natation, est-ce qu'il est prévu de mettre en place une telle offre également pour les citoyens de notre commune ?
- ® le problème de l'absence d'un cours de natation scolaire dans la plupart des communes du canton d'Echternach sera également mis sur l'ordre du jour de la séance des collèges échevinaux du 25 octobre. Il est proposé de se renseigner auprès de la commune de Consdorf

sur l'octroi de la participation financière pour des cours privés, mais ceci n'est sûrement pas une solution du problème, sachant que seulement un certain nombre de citoyens pourraient profiter de ceci, vu le manque de places dans les cours de natation des piscines existantes;

- sur base de la réunion d'information de la semaine dernière ayant eu pour sujet la présentation d'un concept de gestion des risques liés aux crues subites, il se renseigne sur le suivi donné aux mesures présentées et rentrant dans le domaine d'action de la commune.

® un premier projet est déjà en préparation pour le site des sources d'eau «Meelerbuun». Des mesures pour la rue «Maartbesch» devant le cimetière sont également en préparation. D'autres mesures peuvent être inscrites dans le budget 2025.

- demande s'il n'est pas prévu d'améliorer l'accessibilité de l'amphithéâtre «Breechkaul» pour des vieilles personnes ou personnes à mobilité réduite p.ex. par l'installation d'une clôture le long du chemin d'accès.

® on va étudier cette proposition avec le service technique et le service forestier. Des mesures pour réparer le chemin sont déjà prévues. Pour la proposition d'installation d'une clôture il faut voir s'il y a assez de place, sachant que des voitures doivent y passer pour apporter du matériel;

Le conseiller Raoul Scholtes

- a constaté avec satisfaction que la question des subventions pour l'utilisation rationnelle de l'énergie a été mise sur l'ordre du jour du comité du Parc Naturel et géologique «Mëllerdall»

® le bourgmestre explique que lors de cette réunion il est seulement discuté sur la manière de procéder pour adapter ces subventions. La dernière fois un groupe de travail, constitué de membres du comité du Parc Naturel et géologique, d'employés du parc naturel et géologique et de fonctionnaires du service technique avaient élaboré une proposition de règlement soumis pour avis à tous les communes membres.

Le conseiller Guy Adehm

- est d'avis qu'il faut discuter sur la destination du site «A Schmëtten» près de la commune. Il faut également prévoir un nettoyage régulier du pré derrière le bâtiment.

@ actuellement le bâtiment est encore utilisé par le service forestier pour le stockage de matériel. Il faudra donc d'abord entamer le projet d'un nouvel atelier communal avant de discuter sur un projet sur ce site. Le site de la maison constitue également une réserve pour une éventuelle extension de la mairie. D'autre part la situation financière de la commune ne permet pas de s'engager dans d'autres projets d'une haute envergure financière. Selon le collègue échevinal, il n'existe pas d'urgence pour développer ici un projet, d'autre part le groupe de travail qui a été mis sur pied il y a quelques années pour développer des idées pour les bâtiments et propriétés de la commune disponibles pour de nouveaux projets et dont le conseiller Adehm était le président, pourrait être relancé pour éventuellement faire des propositions dans cette direction.

Fin de la séance vers 17:46 heures.



2 Aktivitéiten ronderëm d'Gemeng

Informationensowend betreffend d'Konzept iwwer de Starkreen an der Gemeng Bäärtref



Als Konsequenz vun den ëmmer méi heefegen Starkreenvirfäll zënter 2018 mat méi oder manner massi-ve Schied u privaten Immobilien oder öffentlechen Infrastrukturen, huet d'Gemeng de Studiebüro Luxplan beoptraagt, an Zesummenaarbecht mam Waasseriwirtschaftsamt (AGE), dës Problematik méi genee ze analyséieren. Dës beinhalt d'Analys vun der Situatioun an och Mesuren ze proposéieren fir d'Konsequenze vum Starkreen ze reduzéieren.

D'Resultat vun dëser Etude gouf engem grouse Publikum am Centre culturel „A Schmadds“ virgestallt, mat der Geleeënheet Froen ze stellen an Iddien auszetauschen.

Soirée d'information sur un concept de gestion des risques liés aux crues subites dans la commune de Berdorf



En raison de la multiplication des incidents de fortes pluies depuis 2018 avec des dégâts plus ou moins massifs sur des propriétés privées ou des infrastructures publiques, la commune a chargé le bureau d'étude Luxplan, en collaboration avec l'Administration de la Gestion de l'Eau (AGE), de réaliser une étude y relative. Celle-ci comprend une analyse de la situation et l'établissement d'un catalogue de mesures pour atténuer les conséquences des fortes pluies.

Le résultat de cette étude a été présenté à un large public au centre culturel « A Schmadds», avec l'occasion de poser des questions et d'échanger des idées.



17. Juli 2024 - Visite vum Gemengerot vu verschiddene Projeten vum Bëschservice



Schons eng Traditioun ass déi alljäreg Visite mat dem Fierschter Frank Adam vun de Projeten vum Bëschservice, organiséiert fir de Gemengerot an d'Personal vun der Gemeng. Besonnesch fir déi nei Memberen am Gemengerot war et sécherlech eng interessant Erfahrung. Sou stoungen um Programm: Erklärungen iwwert déi alljäreg duerchgefouert Liwwerung vun Holz u Privatleit, de Kampf géint de Borkenkäfer, dat um Beispill vun enger Coupe an der Kalkesbaach, sou ewéi deen national an och international mat Interessi verfollegte Projet vum Zesummebrénge vu Forstwirtschaft a Schutz vun de Kolonië vun der Bechsteinfliedermaus am «Friemholz».

17 juillet 2024 - Visite du conseil communal de différents projets du service forestier



C'est déjà une tradition, la visite annuelle du conseil communal et du personnel de la commune avec le préposé forestier Frank Adam des projets actuels du service forestier. Particulièrement pour les nouveaux membres de conseil communal s'était une expérience intéressante.

Le programme de la visite se composait d'abord d'explications sur la fourniture annuelle de bois de chauffage pour les personnes privées, le combat contre le bostryche, et ceci sur base d'un exemple d'une coupe à Kalkesbach et enfin sur le projet de la coordination de la sylviculture et de la protections des colonies du murin de Bechstein dans la forêt du «Friemholz», un projet qui attire actuellement l'attention des experts nationaux et internationaux.

Gratis Drénkwaasserspender

Am Kader vun den Diskussiounen fir de Budget 2024, war d'Idee lancéiert ginn, ob verschiddene Plätzen vun der Gemeng, z.B. wou Wanderer laanscht kommen an et och technesch méiglech ass, gratis Drénkwaasserspender opzerichten.

En éischte Test-Modell gouf an der Strooss «An der Kéien» niewent der Gemeng installéiert a vum Gemengerot no der Sitzung vum 24. Juli offiziell a Betrib geholl. Eng flott Initiative besonnesch bei engem waarme Summer, wéi mer se déi lescht Joren haten.



Dans le cadre des discussions sur le budget 2024, l'idée a été lancée d'installer sur différents emplacements dans la commune p.ex. où passent des randonneurs et sous condition que c'est techniquement possible, des distributeurs d'eau potable gratuits.

Un premier modèle a été installé dans la rue «An der Kéien» près de la mairie et la mise en service officielle a été lancée par le conseil communal après sa réunion du 24 juillet 2024.

Une initiative à saluer surtout lors de chaleurs d'été comme vécues les dernières années.

24.07.2024 Offiziell Schlësseliwwerrechnung vum neien John Deere Gator fir de Service Technique



Eng Réi nei Mataarbechter

Annette Colljung, Ingénieur diplômé am Service Technique

Wou kënns du hier, wéi eng Schoulen hues du gemaach, a wat huet dech zum Ingenieursberuff bruet, a wou hues du bis elo geschafft?

Schonns séit méi wéi 25 Joer wunnen ech a Bollendorf, ech si bestuet a mir hunn zwee Kanner. Opgewuess sinn ech zu Irrel, do sinn ech och an d'Grondschoul gaang. Duerno an d'Gymnasium wou ech dann zu Tréier mäin Abitur gemaach hunn.

Zuele leie mir méi ewéi Wieder – rechne konnt ech schonns ëmmer gutt, Texter schreiwen ass net sou menges - de ganzen Daach an engem Büro sëtze wollt ech och net ... dofir hunn ech beschloss Bauingenieurswesen ze studéieren.

Studéiert hunn ech zu Kaiserslautern a fir meng Ofschlossaarbecht sinn ech op Stockholm gaang. Duerch mai Mann sinn ech a Bollendorf hänke bliwwen an hunn no mengem Studium bei Astron zu Dikrech ugefaang. No zwee Joer hunn ech op Jonglënster an de Büro d'études SGI gewiesselt. Do sinn ech dann iwwert zwanzeg Joer bliwwe. Vun der Statik am Beton an am Holzbau, iwwert de Chantier bis zur Projetsleitung hunn ech ganz vill interessant Projekte gemaach.



Wat waren dann deng Beweggrënn fir op eiser Gemeng ze schaffen?

Fir mech koume ganz vill Grënn beienee fir hei ze schaffen.

Wéi schouns gesot, hunn ech dierfe ganz vill flott Projekte maache, ganz vill Maison Relaisen a Schoulen, ënner anerem och Projekte fir t'Gemeng Bäertref, wéi zum Beispill déi nei Schoul. D'Zesummenaarbecht mat dem Service Technique war ëmmer immens gutt an de David Schuster huet ëmmer erzielt, wéi ofwiesslungsreich an interessant seng Aarbecht ass.

Familiär wuer et och de Moment fir eng Kéier eppes Neies unzufänken, eis Kanner hu well en Alter erreecht, wou se mech net méi sou brauchen.

An dann ass Bäertref och nach en Nopeschdurf vu Bollendorf.

Haas du am Virfeld schonn op iergend eng Aart a Weis Kontakt mat der Gemeng Bäertref ?

D'Fro hunn ech zum Deel schonns beäntwert.

Et gouf awer schonns vill fréier déi éischt Kontakter zur Gemeng Bäertref. Wéi ech no Bollendorf komm sinn, gouf et nach dat Fest vu „Junk an Al“ a Bollendorf-Pont um Haff vun der aler Schoul. Den éischte Projet mat der Gemeng Bäertref wuer dann zoufälleg och de Projet vun der aler Schoul.

Ganz ofgesinn dovunner ginn ech gäre wandern, dann ass et kloer, dat ech och schonns vill a Bäertref war.

A wat sinn deng Ziler lo konkret hei an der Gemeng?

Mäin Zil ass et, d'Equipe vun der Gemeng ze ënnerstëtzen an ze verstärken, domat d'Gemeng beschtméiglech funktionéiert.

A ganz kloer wëll ech natierlech de Projet vun der neier Schoul fäerdeg maachen, de Projet kennen ech vun Ufank un an e leit mir um Häerzen.

An der Tëschenzäit sinn ech schouns dréi Méint hei a kann nëmme soen, dat ech mech hei total gutt fillen.

Merci un iech alleguer dat dir mech so lief opgeholl huet, d'ass flott a sou enger engagierter Equipe ze schaffen.

Cédric Baden, Chef d'atelier communal



Cédric, erziel eis e bëssen, wou kenns du hier, wéi eng Schoulen hues du gemaach, a wat huet dech zu dengem Beruff bruet, a wou hues du bis elo geschafft?

Ech komme vu Waldbëlleg, ech sinn do an t'Schoul gaangen an och grouss ginn.

Dono war ech zu Dummeldeng am Emile Metz an der Schoul, wou ech och meng Leier als Schräiner ofgeschloss hunn.

Meng berufflech Carrière als Schräiner hunn ech am Familljebetrib ugefaangen. Fir mech weider ze entwéckelen sinn ech 3 Joer op Bettenduerf an t'Schräinerei Kremer schaffe gaangen, bevir ech fir een neie Challenge zréck an de Familljebetrib schaffe gaange sinn. Do hat ech dunn aner Tâchen, wéi z.B. Aarbechtsvorbereitung bis Chef Atelier. Doropshin hunn ech mech entscheet mäi Meeschter ze maachen. No 16 Joer a mengem Beruff hunn ech een neie Wee als Viraarbechter op der Gemeng Fluessweiler ageschloen, bevir ech dësen Juni hei zu Bäertref ugefaangen hunn.

Wat waren dann deng Beweggrënn fir op eiser Gemeng ze schaffen?

Eng attraktiv Ausschreibung als Chef d'Equipe an duerch positiv Echoen zu enger gudder Atmosphère op der Bäertëffer Gemeng, hunn ech mech direkt ugesprach gefillt, mech op dëser Plaz ze mellen.

Hass du am Virfeld schonn op iergend eng Aart a Weis Kontakt mat der Gemeng Bäertref?

An menger Kandheet wou ech mat menge Grousselteren an Elteren an eisen 2 Touristewunnengen an der Hammhafferstrooss geschafft hunn an ech sinn ëmmer mat mengem Papp mat eisem alen Trakter duerch Bäertref gefuer.

A wat sinn deng Ziler lo konkret hei an der Gemeng?

Wann de Carlo Wagner lo seng wuelverdëngte Pensioun untrieden dierf, well ech seng gutt Aarbecht weiderféieren a freeë mech zesumme mat menger Ekipp an dem ganze Gemeindepersonal vill schéi Projete fir Gemeng Bäertref ëmzesetzen, fir de Bierger eng schéin an attraktiv Gemeng ze bidden.

Luc Schulz, Gäertner am Service technique

Luc, erziel eis e bëssen, wou kenns du hier, wéi eng Schoulen hues du gemaach, a wat huet dech zu demgem Beruff bruet, a wou hues du bis elo geschafft.

Mäin Numm ass Luc Schulz, ech sinn 22 Joer al a kommen hei aus der Gemeng Bäertref. Ech sinn hei an der Gemeng an d'Primärschoul gaang, uschléissend hunn ech meng Lycée's Carrière zu Ettelbréck an der Ackerschoul (Lycée Technique Agricole) absolvéiert, wou ech och meng Leier als Landschaftsgärtner gemaach hunn. Als Léierbetrieb hat ech de Gillen vun Tandel. Beim Gillen sinn ech no menger Leier iwwerholl ginn, do hunn ech eng Unzuel vu verschidde Aarbechten gebuede kritt, vun Entretien, nei Gäert uleeën, Bëschaarbechte bis hin zu Naturpools installéieren,

Säit 16 Joer sinn ech am Dëschtennis Club Bäertref, wou ech säit Kuerzem de Poste vum Vize-President iwwerholl hunn. Ech war och an der Bäertref Musek als Perkussionist aktiv an elo ginn ech nach bei de Märsch mat.



Wat waren dann deng Beweggrënn fir op eiser Gemeng ze schaffen?

Ech wollt eppes fir d'Gemeng maachen an där ech wunnen. Enn anere Grond war an enger méi klenger Equipe ze schaffen, wou ee familiärt Aarbechtsklima herrscht an eng enk Zesummenaarbecht.

Has du am Virfeld schon op iergend eng Aart a Weis Kontakt mat der Gemeng Bäertref?

Vun Klengem u sinn ech ëmmer an der Gemeng ënnerwee gewiescht op mam Vëlo mat deem ech vill duerch d'Stroossen a Feldweeër gefuer oder mat de Kollegen ëmmer duerch Duerf gelaf sinn. Doduerch hunn ech och d'Bëscher an seng Höhlen an nach esou munch aner schéin Plazen entdeckt, sou hunn ech t'Duerf kenne geleiert.

A wat sinn deng Ziler lo konkret hei an der Gemeng?

Meng Ziler hei an der Gemeng si mech gutt an der Equipe vum Service Technique ze integréieren, domat ech der Equipe an der Gemeng beschtméiglech hëllef kann, bestoend an nei Projet ze organiséieren an och ëmzesetzen.

27.08.2024 - Eise Buergermeeschter Joe Nilles um Buergermeeschterdag op der Schueberfouer



«Op Kasselt» - Dreschentoilette fir Wanderer a Kloterer vum Klettergebitt «Wanterbaach»

Deem engen oder aneren ass et sécher schonns opgefall dat säit dem Fréijoer «Op Kasselt» eng mobil an ëffentlech Toilette steet. Op Initiativ vun der ANF an dem ORT, zesumme mat der Gemeng Bäertref, gouf dëse Projet ëmgesat, dat besonnesch fir d'Wanderer an d'Kloterer. Dës Infrastruktur gouf bis elo positiv opgehall an och vun de Benotzer respektéiert.



“Op Kasselt” - Toilette sèche pour randonneurs et grimpeurs du site “Wanterbaach”

L'un ou l'autre de vous l'a déjà remarqué qu'une toilette sèche publique a été installée depuis printemps sur le site “Op Kasselt” à Berdorf. Sur initiative de l'ANF et de l'ORT, en collaboration avec la commune de Berdorf, ce projet a été mis en place pour les randonneurs et les grimpeurs. Cette infrastructure est bien acceptée voir respectée par ses utilisateurs.


Wëllkommenspatt fir déi nei Bierger 2023/2024

Déi nei Gemengekommissioun vum interkulturellen Zesummeliewen huet fir den Wëllkommenspatt fir déi nei Bierger vun eiser Gemeng en neien Modus entwéckelt fir dëst Evenement méi interessant ze gestalten, dat ënnert dem Numm Berd'On Berd'Off.

Déi Leit wou sech fir deen Dag gemeld haten, konnten no der Begréissung duerch de President Ben Streff, un engem guidéierten Tour duerch eis Gemeng mat engem Doppeldeckerbus deelhuefen.

De Gemengesekretär Claude Oé huet d'Fonktioun vum Guide iwweholl an deene neie Bierger eis Gemeng mat senger wonnerschéiner Landschaften a sengen 5 Uertschaften, op engem flotten Tour méi no bruecht.

Duerno gouf et e Patt op der Festplatz am Centre Maartbësch, an eng gudd Pizza vum PizzaGuy, deen och säit Kuerzem an eiser Gemeng wunnt. Déi politesch Responsabel, d'Memberen vun de Kommissiounen an d'Vertréider vun de Veräiner aus der Gemeng haten hei d'Méiglechkeet sech ënnereneen auszetauschen. Allgemeng gouf déi nei Formule vum Wëllkommenspatt vun alle Participanten begréisst.



La nouvelle commission communale du vivre-ensemble interculturel a développé un nouveau mode de pot d'accueil dénommé Berd'On Berd'Off pour les nouveaux citoyens de notre commune afin de rendre cet événement plus intéressant.

Les personnes inscrites pour cette journée, après l'accueil du président Ben Streff, ont obtenu la possibilité de participer à une visite guidée de notre commune avec un bus à deux étages.

Le secrétaire communal Claude Oé a repris la fonction de guide et a présenté aux nouveaux citoyens notre commune avec ses magnifiques paysages et ses cinq localités, lors d'un parcours intéressant.

Ensuite, la commune a offert un verre sur la place de fête au centre récréatif «Maartbësch» et une bonne pizza du PizzaGuy, lequel est depuis peu citoyen de notre commune. Les responsables politiques, les membres des commissions et les représentants des associations de la commune ont eu l'occasion d'apprendre à se connaître. De manière générale, la nouvelle formule du pot d'accueil a été bien accueillie par tous les participants.




Konveniat Joergang 1986/1987

25 Joer ass et hier dass de Joergang 1986/1987 d'Primärschoul zu Bäärtref verlooss huet. Dat hunn si als Ulass geholl fir e Konveniat beim Restaurant Victoria ze veranstalten. Vun de 11 Schüler/-inne waren der 6 derbäi, souwéi 2 fréier Jofferen a hire Schoulmeeschter. Et war e flotten a gesellegen Owend a Sie freeën sech op déi nächste Kéier.



Text a Fotoen: Martine Konsbrück Santomauro

3 Schoul an Opfangstrukturen



De Schoulreider



Reider: Wintersdorf-Thommes Martine

BACK TO SCHOOL



Méindes de 16. September war et erëm sou wäit.
D' Bäertreffer Schoul huet hir Dieren,
no enger flotter Summervakanz erëm opgemaach.
Dëst Joer war souguer d' Lëtzebuerger Wort komm,
fir e flotten Artikel iwwert d' Rentrée
hei zu Bäertrëf ze schreiwen.
Mir wënschen all de Schüler,
esou wéi dem Léierpersonal ganz vill Erfolleg
mat ville spannende Momenter fir d' Schouljoer
2024/2025.



A B C



1 2 3



Dëst Jar stoung d'Schoulfest ënnert dem Motto Multi-Kulti. An eiser Gemeng Liewe vill verschidde Natioune mateneen, 58 un der Zuel déi mat eis Lëtzebuerger zesummen an eiser Gemeng liewen an all eenzele gehéiert zu eiser Gemeinschaft an dréit zu engem multikulturelle Räichtum bei. Dëst Schoulfest an virun allem d'Préparatiounen, déi Woche virdunn hunn eise Kanner d'Méiglechkeet ginn, di eenzel Kulture vun hire Matschüler kennen ze léieren, an se och ze respektéieren. Vu klengem u gesi se dëst multikulturellt Zesummeliewe scho ganz fréi als selbstverständlech un, an dëst féiert zu engem ganz normale Mateneen. Et gouf gekacht, gebak, gedanzt, gerätselt, getrommelt,.... D'Schoulkanner haten eng flott Zäit zesummen, a konnten de 5. Juli houfreg weisen, wat Si Alles geléiert haten. Mir wëllen jidderengem Merci soen, dee bei dësem Schoulfest gehollef huet. E grouse Merci un d'Elteren, d'Famillen an d'Frënn, déi an d'Schoul komm sënn fir de Kanner hir Kultur méi no ze bréngen. Awer och e grouse Merci un d'pensionéiert Jofferen, der Schoulkommissioun, den Elterevertieder, an dem Léierpersonal, déi dësen Dag mat ugepak hunn. Mir soen awer och de Pappen a Männer vu Bärtrëf Merci fir déi lecker Summer-Bowle, déi Si gesponsert hunn. Der Epicerie de Berdorf e grouse Merci fir déi lecker Pastéis de Nata. An dee gréisste Merci ass fir d'Kanner, déi sou gutt matgemaach hunn, an oppe waren fir nei Saache kennen ze léieren. All zesummen hu mir e flott Schoulfest op d'Bee gesat.



**Trommelatelier
mam
Jeanne Schmartz**











De 5. Juli war et souwäit. D'Kanner konnten um Schoulfest weisen, wat Si Alles geléiert hatten. D'Kanner aus dem Cycle 4 hunn d'Leit a verschidde Sprooche begréisst, uschléissend gouf de Siwesprong vun der ganzer Schoul gedantz. Duerno gouf mam Brave a mam Dede getrommelt an zum Schluss stoung Capoeira um Programm.





Et war e ganz flott Schoulfest!!



ACHTUNG! TASCHENDIEBE

GENERELL GILT: Vorsicht, wenn Fremde sich Ihnen zu sehr nähern. Trick- und Taschendiebe arbeiten mit verschiedenen Ablenkungsmanövern, um unbemerkt an Ihre Wertsachen zu gelangen!



Lassen Sie sich nicht von fremden Personen ablenken. Halten Sie Ihre Wertgegenstände stets im Blick und nah am Körper.



Achten Sie auf Personen, die Sie anrempeeln oder sich Ihnen zu sehr nähern. Halten Sie Taschen und Rucksäcke stets geschlossen.



Halten Sie fremde Personen, die Sie mit einer Umarmung begrüßen oder antänzen, auf Distanz.



Achten Sie auf Personen, die sich Ihnen zu sehr nähern um u.a. nach Kleingeld oder Zigaretten zu fragen.





4 Etat civil Anniversaires


A stëllem Gedenken....

Schiavone Stefano †20.09.2024



Felicitatiounen...

Thabit Fatima *26.06.24
Costa Cerveira Leonardo *15.07.2024
Guerreiro Emil *15.07.2024
Pessoa Alegre Charly *23.07.2024
Nazari Nikan *23.08.2024
Abu Salh Lilia *11.09.2024
Duckart Théo Alexander *13.09.2024
Duckart Felix Maximilian *13.09.2024
Steffen Tina *19.09.2024



Mariage



Lécaillon Jérôme - Windal Tamara

09.08.2024

Anniversaire 104 Joer



Fina Steffes-Conrad

Den 21. Juli huet d'Fina Steffes-Conrad vun der Bollendorf-Breck hieren 104. Gebuertsdag gefeiert an as domat och die eelsten Persoun an onser Gemeng Berdorf.

Sie huet hiert ganz Liewen lang op der Bollendorf-Breck verbruecht, a vill Leit kennen sie och aus dem Café du Pont, den sie zesummen mat hierem Mann gefeiert huet bis den Alfred virun 48 Joer verstuerwen as. Obwuel sie seit 6 Joer am Cipa zu Jonglenster verbrennt, huet sie hiert geléiwte Bollendorf nie wollten opginn, an huet hieren Wunnsetz aus dem Grond nach emmer do.

Die 104 huet sie zesummen mat der Famill an de Bewunner vum Cipa gefeiert.



Text: Milly Merten

Gëllen Hochzäit vum Anatole May an Astrid Jakoby vu Bäertref

Den 22. Mee dëst Joer waren et 50 Joer dat sech den Anatole May an d'Astrid Jakoby vu Bäertref zu Réiser op der Gemeng d'Jo-Wuert ginn hunn. Zesummen hunn si zu Peppeng am landwirtschaftleche Betrib vun der Famill May geschafft. Sie sinn awer och nach zäitweis niewebäi anere Beschäftegungen nogaangen, wéi z.B. d'Astrid als Coiffeuse. Den Anatole war am ganze Land bäi de Bauerebetriber bekannt, well hie bäi si gefuer ass fir d'Kären ze muele mat senger mobiller Millen.

Nodeems si decidéiert haten, am landwirtschaftleche Betrib opzehalen, hu si eng aner Plaz gesicht fir hire Liebenswond ze verbréngen a wunne säit 2010 zu Bäertref an der Grondhaffer Strooss an hirem neien Haus.

Et huet net laang gedauert, an déi zwéin hunn sech an d'Duerfliewen integréiert, waren aktiv a verschidde Veräiner wéi Fraen a Mammen oder dem Bäertrëffer Rido, an hunn sech an de Gemengekommissiounen Kultur an drëtten Alter engagéiert. Dem Astrid seng grouss Passioun war a bleift awer d'Molerei, duerch déi si schonns un enger Partie Konschtausstellungen deelgeholl huet. Den Anatole ass e passionéierte Fëscher, an hien huet schonns deen een oder aneren nationale Präis bäi Concourse gewonnen.

Zwee Kanner a zwee Enkelkanner sinn aus hierem Bestietnes ervirgaangen.

De Schäfferot huet et sech natierlech net huele gelooss, der sympathescher Koppel fir hire 50. Hochzäitsdag am Numm vun alle Bierger vun der Gemeng, déi beschte Gléckwësch ze iwwerbréngen, an dat sie nach laang aktiv kennen bäi allem derbäi sinn.



Noces d'or Anatole May et Astrid Jakoby de Berdorf

Le 22 mai dernier, cela faisait 50 ans qu'Anatole May et Astrid Jakoby se disaient oui à la Mairie de Roeser. Ensemble, ils travaillaient dans l'entreprise agricole de la famille May à Peppange. Cependant, ils exerçaient aussi occasionnellement d'autres professions, comme par ex. Astrid en tant que coiffeuse. Anatole était connu des agriculteurs dans tout le pays, car il se rendait chez eux pour mouler les grains avec son moulin mobile.

